LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère du Travail

**Réponse du Ministre du Travail à la question parlementaire N°3573 du 30 janvier 2026 de l'honorable Député Georges ENGEL et de l'honorable Député Mars DI BARTOLOMEO concernant « Ressources humaines et projets des initiatives sociales pour l'année 2026 ».**

**<u>Fro 1:</u> Wéi vill Leit schaffen aktuell an den Initiatives sociales?**

**<u>Fro 2</u> Wéi huet sech dës Zuel par rapport zu leschtem Joer entwéckelt?**

Am Dezember 2025 waren 2.167,81 Persounen (ETP – équivalent temps plein) als Bénéficiairen an enger vun den insgesamt 30 konventionnéierten Initiativen beschäftegt. Fir de Mount Januar 2026 sinn nach keng validéiert Décompten disponibel.

Am Dezember 2024 louch dës Zuel bei 2.199,14 ETP.

Am Joer 2024 war e Maximum vun 2.218 Posten (ETP) konventionnéiert, am Joer 2025 waren et maximal 2.229 ETP. Fir d'Joer 2026 läit dës Zuel bei 2.239 ETP.

**<u>Fro 3:</u> Wéi eng nei Projeten goufen vum Ministère fir 2026 accordéiert a wéi vill Leit mussen an dësem Kontext nei agestallt ginn?**

Fir d'Joer 2026 goufen dräi nei Projeten agrééiert: een am Beräich vum Recycling, een am Beräich vun der „aide à la personne“, an een am Beräich vum Jardinage. Zwee Projeten sinn nach am suspens, well nach zousätzlech Informatiounen noutwenneg sinn, fir eng Décisioun kënnen ze huelen.

Insgesamt sinn fir d'Joer 2026 zéng zousätzlech Posten konventionnéiert ginn. Wéi schon an der Äntwert op d'Question parlementaire n°1783 vum 10. Februar 2025 erkläert gouf, bedeit den Agrément vun engem Projet net automatesch, dass och eng bestëmmten Unzuel vu Posten fir déi betreffend Aktivitéit konventionnéiert gëtt. D'Zuel vun de konventionnéierte Posten ass eng global Zuel fir d'Gesamtheet vun den Aktivitéiten vun der Beschäftegungsinitiativ. Dëst gëtt den Initiativen eng gewësse Flexibilitéit, fir je no Saison oder Nofro, awer och a Fonctioun vun de Profiller a Capacitéiten vun den encadréierte Béneficiairen, am Laf vum Joer mol méi, mol manner Leit op deem engen oder anere Projeten anzesetzen.

**<u>Fro 4:</u> Ginn am Kader vun dësem Thema Projeten ofgeleent, a wa jo, aus wéi enge Grënn?**

Fir d'Joer 2026 sinn keng nei Projeten definitiv ofgeleent ginn, zwee Projeten sinn nach am suspens.

Allgemeng gëllt, dass de Minister seng Décisioun fir en Agrément ze verginn oder ze refuséieren, op der Basis vun den Informatiounen hëlt, déi vun der jeeweileger Initiativ an hirer Demande geliwwert goufen, an op der Basis vum Avis vum Direkter vun der ADEM. An dës Appréciatioun fléissen eng Rei Critèren an,

dorënner notamment d’Ufuerderungen vun der Initiativ un de Profil vun de Bénéficiairen (z.B. gesondheetlech Viraussetzungen, Sproochekenntnisser, Führerschäin an eegenen Auto, etc.); de proposéierten psycho-sozio-professionnellen Encadrement; den Typ vun Aktivitéit an d’Perspektiven, fir d’Employabilitéit ze verbesseren an dono eng Aarbecht um éischten Aarbechtsmaart ze fannen; de Risiko vun deloyaler Konkurrenz vis-à-vis vun aneren Acteuren um Marché, etc.

**Fro 5: Sinn nach aner Mesuren am Kader vun der Sozial- a Solidarwirtschaft virgesinn fir d’Joer 2026?**

Déi national Strategie fir d’Sozial- a Solidarwirtschaft an d’sozial Innovatioun wäert dëst Joer virgestallt ginn. D’Aarbechten um legale Kader vun der Sozial- a Solidarwirtschaft esou wéi der sozialer Innovatioun gi weidergefouert. Schlussendlech wäerten d’Servicer vum Social Business Incubator am Kader vun engem europäesche Konsortium ausgebaut gi fir den éischten nationale Kompetenzzentrum an dëse Beräicher ze schafen.

Luxembourg, le 2 mars 2026

**(s.) Marc SPAUTZ**
**Ministre du Travail**